



FILM LUX FEST

LUXEMBOURG CITY FILM FESTIVAL

# DOSSIER PÉDAGOGIQUE


13ème édition

2→12 / 03 / 2023







3-6 Joer

# KIWI & STRIT
## (KIWI OG STRIT)

Esben Toft Jacobsen | DK, 2021 | 37’ | Ouni Wierder / sans paroles | Animatioun / animation



© Copenhagen Bombay Sales

Eng droleg Koppel, de Kiwi an de Strit sinn zwee Bësch-Frënn. De Kiwi ass giel, akribesch a léif wärend de Strit, mof, dreckeg a wëll ass.
An hiren neisten Aventuren entdecke mir, dass di witzeg a pelzeg Kreature Kiwi a Strit an hir Frënn net déi eenzeg sinn, déi am Bësch liewen. Si begéinen Draachen an engem wandernden Haus vun enger Hex.

*Eng charmant a faarweg Animatioun mat enger Touche vu skandinavescher Fantasie.*

Kiwi et Strit sont deux amis de la forêt qui forment une drôle de paire. Kiwi est jaune, méticuleux et attentionné, tandis que Strit est violet, cracra et sauvage. Dans leurs dernières aventures, nous découvrons que les drôles de créatures à fourrure et leurs amis ne sont pas les seuls à vivre dans la forêt. Parmi les personnages que nous rencontrons, il y a une famille de dragons et une mystérieuse maison sur pattes appartenant à la sorcière de la forêt.

*Une animation charmante et colorée dans la meilleure tradition de la fantaisie scandinave pour enfants.*

### SCHLËSSELWIERDER | MOTS CLÉS

- Frëndschaft / Amitié
- Humor / Humour
- Däiwlerei / Espièglerie
- Imaginatioun / Imagination
- Ökologie / Écologie
- Natur / Nature
- Ëmwelt / Environnement
- Bësch / Forêt
- 3D Animatioun / Animation 3D

## SCHOULVIRSTELLUNGEN | SÉANCES SCOLAIRES

**03/03** – 9:00 – CNA Dudelange *(Schluss / fin de séance – 9:45)*
**03/03** – 10:00 – Ciné Utopia *(Schluss / fin de séance – 10:45)*
**07/03** – 8:45 – Ciné Utopia *(Schluss / fin de séance – 9:30)*

## ËFFENTLECH VIRSTELLUNGEN | SÉANCES PUBLIQUES

**05/03** – 16:00 – Ciné Utopia *(Schluss / fin de séance – 16:45)*
**12/03** – 11:00 – Cinémathèque *(Schluss / fin de séance – 11:45)*

## PEDAGOGESCH USÄTZ

- D'Frëndschaft
- D'Stimulatioun vun der Imaginatioun
- D'Ökologie : Recycling vum Offall
- Sech am Bësch gutt behuelen
- D'Bëschdéieren an hirem Ëmfeld

## AKTIVITÉITEN

- Wéi eng Aventure vum *KIWI & STRIT* huet dir am beschte gefall? Wat huet dir gefall?
- Wat mëss du gäre mat denge Frënn/dinnen?
- De Kiwi an de Strit sinn onzertrennlech an hu vill gemeinsam. Trotzdeem kann een si gutt vun en een ënnerscheeden. Probéier dech un déi zwee Personnagen ze erënneren a beschreif si mat Hëllef vun de Biller aus dem Film *(Ausgesinn, Perséinlechkeet,...).*



KIWI



STRIT

*Illustrations 1.*

- Gëff dem Kiwi, Strit an hire Kolleegen en neie Look.



*Illustration 2.*

- Zum Schluss vun allen Episoden, maachen de Kiwi an de Strit Fotoe vu sech. All d'Fotoe sinn immens witzeg. Kanns du dech drun erënnere wat speziell un dëse Fotoen ass? Wisou sinn se sou witzeg? Äntwer op d'Froe mat Hëllef vun de Biller aus dem Film.



*Illustrations 3.*

> *Beispill: D'Fotoe si ganz geckeg, well si ni eng Pos huelen an ëmmer an Aktioun fotograféiert ginn*

- Kuck dir nach eng Kéier d'Fotoen hei uewen un. Kanns du dech erënneren zu wéi enger Geschicht se gehéieren?

- Stellt iech a klenge Gruppen a maacht, mat Hëllef vun ärer Joffer oder äre Schoulmeeschter, geckeg Fotoe vun iech selwer esou wéi de Kiwi an de Strit.

- De Kiwi an de Strit si mat engem faarwege Villche befrënnt deen hinne stänneg noleeft. Op ee Mol gi si vum Villche senger Mamm verfollegt, déi ganz rosen ass. Wisou ass, denger Meenung no, d'Mamm vum Villche rose mam Kiwi a Strit? Wat hätte si besser gemaach wéi si de Kléngen entdeckt hunn?



*Illustrations 4.*

- An enger vun den Aventuren, bauen de Kiwi an de Strit eng *piñata*. Si schneide lauter Stécker Pabeier aus a stinn dunn virun engem Bierg Pabeier fir d'Poubelle. Weess du nach wou si d'Pabeierstécker ewechschmäissen? Wéi reagéieren déi aner Awunner vum Bësch wéi si de ganzen Offall entdecken? Wisou reagéieren si, denger Meenung no, esou?



*Illustrations 5.*

- Wou schmäissen si da schlussendlech hiren Offall ewech? Wisou ass et wichteg säin Offall net egal wouhin ewechzeschmäissen?



*Illustration 6.*

- An enger vun de Aventuren, ass de Strit voller Bulli a wéi hie géint dem Kiwi seng Dier knuppt, hannerléisst hien en Ofdrock vu sengem Gesiicht.



*Illustration 7.*


Probéier du et och op engem Blat Pabeier aus! Mat e bësse Faarf, maach en Ofdrock vun dengen Hänn oder vun Objeten. Du kanns d'Ofdréck souguer weidermolen an esou flott Zeechnungen am Thema Natur maachen. Kuck dir d'Beispiller hei ënnen un.





*Illustrations 8.*

- Bei *KIWI & STRIT* hunn all d'Personnagen hir eegent Haus. Kuck dir d'Biller hei ënnen un: wiem gehéieren d'Haiser?


*Illustrations 9.*

*Bild 1: der Hex ; Bild 2: dem Kiwi ; Bild 3: dem Strit*

- Wann s du och esou e kléngt Haus häss, wéi géing et ausgesinn? Mol däin eegent kléngt Haus.

# GUTT ZE WËSSEN



De Fotoapparat deen de Kiwi benotzt nennt een op Däitsch „Balgenkamera“ an op Franséisch „appareil à soufflet“. Et ass ee vun den aller éischte Fotoapparater deen ab 1890 benotzt ginn ass.

D’Biller aus dësem Dossier, kënnt dir ënnert dësem Link eroflueden: https://www.luxfilmfest.lu/wp-content/uploads/2023/01/Kiwi-and-Strit.zip

## PISTES DE TRAVAIL

- L’amitié
- La stimulation de l’imagination
- L’écologie : le recyclage des déchets
- Les bons comportements en forêt
- Les animaux de la forêt et leurs habitats

## ACTIVITÉS

- Quelle aventure de *KIWI AND STRIT* as-tu préférée ? Qu’est-ce qui t’as plu ?
- Et toi, qu’aimes-tu faire avec tes ami·e·s ?
- Kiwi et Strit sont deux amis inséparables; d’ailleurs ils ont de nombreux points communs. Néanmoins, on peut tout de même les différencier. À l’aide de ces deux images et de tes souvenirs, décris les deux personnages *(apparence, personnalité…). (Voir illustrations 1. ci-dessus, page 17)*
- Donne un nouveau look à Kiwi et Strit et à leurs ami·e·s. *(Voir illustration 2. ci-dessus, page 17)*
- À la fin de chacune de leurs aventures, Kiwi et Strit se prennent en photo. Ces photos sont toutes très amusantes. Te souviens-tu de leurs particularités ? Qu’est-ce qui les rend si amusantes ? Tu peux t’aider des images ci-dessous pour répondre à ces questions. *(Voir illustrations 3. ci-dessus, page 18)*

  > *Exemple : Sur chaque photo c’est le désordre car les personnages ne prennent pas de poses, ils sont photographié·e·s en pleine action.*

- Observe une nouvelle fois les photos ci-dessus. Te souviens-tu à quelle histoire correspond chaque photo ?
- En petit groupe et avec l’aide de votre enseignant·e, amusez-vous à vous prendre en photo à la manière de Kiwi et Strit et à réaliser ainsi des clichés décalés et amusants.

- Kiwi et Strit se lient d'amitié avec un petit oiseau coloré qui les suit partout. Mais très rapidement, ils sont poursuivis par la maman du petit qui est très en colère. À ton avis, pourquoi la maman du petit est en colère contre Kiwi et Strit ? Qu'auraient dû faire les deux personnages après avoir découvert cette petite créature ? *(Voir illustrations 4. ci-dessus, page 18)*

- Dans l'une de leur aventure, Kiwi et Strit fabriquent une *piñata*. Ils découpent une multitude de morceaux de papier et se retrouvent ainsi avec une montagne de chutes de papier à jeter. Te souviens-tu où les deux amis jettent les morceaux de papier ? Comment réagissent les autres habitants de la forêt quand ils découvrent tous ces déchets ? À ton avis, pourquoi réagissent-ils ainsi ? *(Voir illustrations 5. ci-dessus, page 18)*

- Finalement, où Kiwi et Strit jettent-ils leurs papiers ? Pourquoi est-il important de ne pas jeter ses déchets n'importe où ? *(Voir illustration 6. ci-dessus, page 19)*

- Dans l'une des aventures des deux amis, Strit se retrouve recouvert de boue. Par accident, il se cogne contre la porte de la maison de Kiwi et y laisse une empreinte de boue qui a la forme de son visage. *(Voir illustration 7. ci-dessus, page 19)*

  Toi aussi, sur une feuille de papier, amuse-toi à créer des empreintes d'objets ou de ta main avec de la peinture. Tu peux compléter les empreintes que tu auras laissées sur ta feuille en ajoutant d'autres éléments et ainsi créer des dessins originaux autour de la nature. Ci-dessous, quelques exemples qui pourront t'inspirer.
  *(Voir illustrations 8. ci-dessus, page 19)*

- Dans *KIWI & STRIT*, chaque personnage possède sa propre petite maison. Observe les images ci-dessous, te souviens-tu à qui appartient chaque maison ? *(Voir illustrations 9. ci-dessus, page 19)*

  *Image 1 : la sorcière ; image 2 : Kiwi ; image 3 : Strit*

- Si tu possédais une petite maison comme celles des personnages, à quoi ressemblerait-elle ? Dessine ta propre petite maison.

## BON À SAVOIR



L'appareil qu'utilise Kiwi pour prendre des photos s'appelle un appareil à soufflet. Apparu dans les années 1890, il s'agit de l'un des premiers appareils de l'histoire de la photographie.

Les illustrations de ce dossier peuvent être téléchargées via ce lien: https://www.luxfilmfest.lu/wp-content/uploads/2023/01/Kiwi-and-Strit.zip